ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

ADR kooperéiert mam Wee 2050/Nee 2015

Pressematdeelung vum 2. Mäerz 2018

Op dëser Pressekonferenz vun der ADR, zesumme mam Wee 2050, ginn eenzel Punkte vun der Kooperatioun tëscht ADR a Wee 2050 bei de Nationalwalen 2018 erkläert. Virum Referendum an och direkt duerno hu sech schonn tëscht der ADR an der politescher Initiativ Wee 2050/Nee 2015 grouss gemeinsam Interessen erausgeschielt. Besonnesch den dräifachen Nee beim Referendum, mee och d'Suergen ëm d'Zukunft vun eiser Sprooch an iwwer den onkontrolléierte Wuesstem hei am Land waren a sinn e gemeinsamt Uleies.

Ee vun den Initiatoren an och d'Gesiicht no bausse vu Wee 2050, de Fred Keup, gëtt Kandidat fir d'Chamberswalen op der ADR-Lëscht am Süden. Am Accord tëscht ADR an Wee 2050 ass och d'Méiglechkeet festgehalen ginn, datt weider Persoune vun der Initiativ kënnen op de Lëschte vun der ADR no Consultatioune Kandidat ginn.

D'ADR huet sechs Méint virun de Walen an alle Walbezierker d'Aarbecht un hire Lëschte scho wäit virugedriwwen. Mir si sécher, 2018 mat extra staarke Lëschten an de Walkampf ze goen. An deenen nächsten Deeg a Woche wäerten nach munch gutt, intressant an engagéiert Kandidaten, déi nei bei eis Partei gestouss sinn, bekannt gemaach ginn. D'Partei ass besonnesch frou, datt déi Leit, déi am Referendum fir d'Sprooch an d'Wäerter vum Land agetruede sinn, elo nach méi no zesummefannen.

De Fred Keup huet 38 Joer an ass Geographiesprofessor am Escher Lycée technique. Hien huet sech an den Diskussiounen iwwer de Referendum als Stëmm vun der Zivilgesellschaft an der Press an an den ëffentlechen Diskussiounsronnen e Numm gemaach. D'Online-Plattform vum Nee 2015 huet hir Informatiounsaarbecht nom Referendum, dee ganz an hirem Sënn ausgaangen ass, als Wee 2050 fortgesat.

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique